

Découvrez nos éditions spéciales !



Invité vun der Redaktioun (29. März)

Högenauer: Brexit weder grouesse Risiko, nach grouess Chance

Invité vun der Redaktioun e Mëttwoch géint 10 op 8 war d'Politologin Anna-Lena Högenauer vun der Uni Lëtzebuerg.

Leschten Update: 29.03.2017, 10:17:50

7 Commentaire(n)

 E-Mail schécken Printen Recommend 11 

Links

LIVESTREAM: RTL Radio Lëtzebuerg live lauschteren.

AUDIO: Invité vun der Redaktioun: Anna-Lena Högenauer (29. März)

AUDIO: Extrait Anna-Lena Högenauer 1

AUDIO: Extrait Anna-Lena Högenauer 2

Themen

Lëtzebuerg

Den Austrëtt vu Groussbritannien ass e bësschen eppes, wéi e Befreiungsschlag, wann e Land geet, wat dacks a vill an der EU gebremst huet. Nawell bleift eng Europäesch Unioun zu 27 nach ëmmer ganz diverse, dat sot d'Politologin vun der Uni Lëtzebuerg Anna-Lena Högenauer e Mëttwoch de Moien.

Eis Invitée vun der Redaktioun fäert net, dass de Brexit d'EU déi nächst Joren blockéiert. Och wann d'Verhandlung méi wéi zwee Joer daueren. Et hätt een et nämlech fäerdeg bruecht, de Brexit vum Alldagsgeschäft ze trennen. An déi 27 hätte sech bis ewell och erstaunlech geschloss ginn.

D'Iddi vun engem Europa vun de verschiddene Vitessen hält d'Politikwëssenschaftlerin vun de Uni.lu fir duerchaus interessant. Et wier awer wichteg, dass een dat ganz richteg managed.

Extrait Anna-Lena Högenauer 1


A Groussbritannien selwer géife sech d'Leit ëmmer méi de Risiken an de Konsequenze bewosst. Trotz negative Signaler vun der britescher Regierung, geet d'Anna-Lena Högenauer dovunner aus, dass et zu engem zweete schotteschen Onofhängegkeetsreferendum kënnt.

Extrait Anna-Lena Högenauer 2

Wann déi schlecht lafe fir Groussbritannien, kéint duerchaus eng Majoritéit vun de Schotten fir hir Onofhängegkeet stëmmen. Besonnesch grouss Konfliktpotential gëtt et der Politologin awer an Nordirland. Europa hätt d'Situatioun mat berouegt. Déi Rou wier elo awer zum Deel nees a Gefor.

Invité vun der Redaktioun: Anna-Lena Högenauer (29. März)

Le séisme du Brexit ébranle 60 ans de construction européenne



Rendez-vous fir den Interview mam Invité vun der Redaktioun all Dag vu méindes bis donneschdes um 10 op 8 op RTL Radio Lëtzebuerg an am Livestream och op RTL.lu an an der App (Audio a Video). Op RTL.lu an op der App ass d'Emissioun dono och am Replay ze fannen.

Äre Commentaire

E Commentaire ofginn

D'Commentairë gi gelueden, ee Moment w.e.g.!

Sollten se net geluede ginn, hutt der wahrscheinlech een AdBlocker laafen, deen se blockéiert. Dir misst en dann sou astellen, dass en eisen Site net méi komplett blockéiert.

RTL.lu

Lëtzebuerg
International
Meenung
Sport
Trafic
Meteo
Kultur
Life & Style
Auto
Fotoen
Service

Radio

Lauschteren
Programm
Emissiounen
Musek
Fotoen
Informatiounen

Télé

Livestream
Programm
Emissiounen
Fotoen
Maacht mat
Informatiounen

5minutes.lu

LA UNE
GRANDE RÉGION
MONDE
5MINUTEZ-VOUS
CULTURE
SPORT
5MINUTES PLUS
DÉCOUVERTES

Espace publicitaire



Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

Follow us



RTL

Feedback | Conditions d'utilisations | Privacy | Conditions d'utilisation : Commentairen / Lieserbréiwer

ciM internet